LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit an dem Inneminister op d'parlamentaresch Fro n°4362 vum 29. Juni 2026 vum éierewäerten Deputéierten Här Marc Lies iwwert d' "Procédures environnementales pour les projets de construction"**

1. **Wéi gesäit d'Geneemegungsprozedur vu Säite vum Waasserwirtschaftsamt bei dëser Fro oder Constellatioun vun Ëmsetzung aus?**

Lëtzebuerg ass, opgrond vun der europäescher Waasserrahmenrichtlinn an den Artikelen 1 a 5 vum modifizéierte Gesetz vum 19. Dezember 2008 iwwer Waasser, verflicht d'Ëmweltziler fir d'Gewässer ze erreechen. Dëst Zil ass aktuell nach net erreecht. En adäquaten Traitement vum Ofwaasser ass dofir eng wesentlech Viraussetzung.

Am Kader vun der Geneemegungsprozedur fir e Projet, zum Beispill e PAP-NQ, schafft d'Waasserverwaltung (AGE) enk mat de Bedreiwer vun de Kläranlagen zesummen. Fir d'Bewäertung vun der Autorisabilitéit vun engem Projet stäipt sech d'AGE op den „Avis technique d'assainissement", deen vum zoustännege Bedreiwer ausgestallt gëtt. Dësen Avis hält ënner anerem fest, ob déi betraffe Kläranlag iwwer genuch Kapazitéite verfüügt, fir déi zousätzlech Ofwaassermengen, déi duerch d'Ëmsetzung vum Projet entstinn, am Aklang mat de gültege Normen ze traitéieren.

D'Bewäertung vun der AGE baséiert op de Konklusioune vun dësem Avis:

- wann den Avis confirméiert, datt déi néideg Kapazitéiten disponibel sinn, kann de Projet autoriséiert ginn;
- wann den Avis feststellt, datt déi néideg Kapazitéite net disponibel sinn, kann de Projet net autoriséiert ginn;
- wann den Avis virgesäit, datt déi néideg Kapazitéiten duerch den Ausbau vun der Kläranlag oder vum Reseau geschafe ginn, kann de Projet autoriséiert ginn ënnert der Oplag, datt de Projet eréischt dann ëmgesat oder ugeschloss gëtt, wann déi zousätzlech Kapazitéiten effektiv disponibel sinn oder eng adäquat Zwëscheléisung de Schutz vum Gewässer sécherstellt.

D'technesch Aarbechten un der Kläranlag mussen deemno ofgeschloss sinn, éier et zu enger zousätzlecher Aspeisung vun Ofwaasser kënnt. Nëmmen esou ka séchergestallt ginn, datt d'Ufuerderunge vun der Waasserrahmenrichtlinn an dem modifizéierte Gesetz vum 19. Dezember 2008 iwwer Waasser respektéiert ginn.

2. **Här Ëmweltminister kann d'Wasserwirtschaftsamt am Kader vun der éischter Phas de Volet vun der Waasserwirtschaft bei engem PAP-NQ fir gutt heeschen, bien en sachant datt d'Aarbechte wat d'Eropsetze vun de Klärcapacitéiten ugeet an engem Zäitraum vu 24 Méint ofgeschloss sinn?**

Fir dës Fro gëtt op d'Äntwert zu Fro 1 referéiert.

3. **Här Ëmweltminister kann d'Wasserwirtschaftsamt am Kader vun der éischter Phas engem Bauprojet gréng Luucht ginn, bien en sachant datt d'Aarbechte wat d'Eropsetze vun de Klärcapacitéiten ugeet an engem Zäitraum vu 24 Méint ofgeschloss sinn?**

Fir dës Fro gëtt op d'Äntwert zu Fro 1 referéiert.

4. **Sollt eng Geneemegung am Kader vun der éischter Phas vu Säite vum Waasserwirtschaftsamt, souwuel bei engem PAP-NQ wéi och bei engem gréissere Bauprojet, deen an der Reegel 24 bis**

**36 Méint Bauzäit brauch, net zoustëmmen da stellt sech natierlech d'Fro op déi zweet oder räicht déi drëtt Phas als Geneemegung fir e PAP-NQ wéi och e Bauprojet a Fro kënnt?**

Fir dës Fro gëtt op d'Äntwert zur Fro 1 referéiert.

Ee PAP-NQ kann am Prinzip nëmmen als gesamte Projet autoriséiert ginn. A vereenzelte Fäll ass et awer méiglech, provisoresch Tëscheléisunge virzegesinn an ze autoriséieren. Esou Léisunge sinn allerdéngs allgemeng net ze recommandéieren, well si zousätzlech Etüden, Analysen an eventuell temporär technesch Infrastrukturen erfuerderen, wat zu méi héije Käschte féiere kann. Fir dëst ze vermeiden ass et ubruecht, d'Froe betreffend d'Waassergestioun schonn am Virfeld ëmfaassend ze klären, fir eng kohärent, nohalteg an definitiv Léisung fir de gesamte Projet sécherzestellen.

5. **Wéi steet den Ëmweltminister zu dëse Froen?**

Fir dës Fro gëtt op d'Äntwert zur Fro 1 referéiert.

6. **Wier et net opportun zumools an Zäite wou d'Bauwirtschaft net gutt bis schlecht dréint eng pragmatesch Léisung ze fannen, andeems eng Geneemegung schonn an der éischter Phas ausgeschwat gëtt, mat der Virgab datt d'Klärcapacitéiten bis zur Inbetriebnahm vun de Bauten natierlech ugepasst musse sinn?**

Wéi schonn uewe festgehal, mussen déi néideg Klärkapazitéite garantéiert sinn, ier Ofwaasser an de Reseau an duerno an d'Kläranlag ageleet ka ginn. Et ass um Bauhär, déi entspriechend Ofstëmmunge mat der zoustänneger Gemeng virzehuelen. Gläichzäiteg ass et un der Gemeng, am Kader vun hirer Planung, déi néideg infrastrukturell Viraussetzungen fir déi virgesinnen Entwécklung vum Territoire sécherzestellen, besonnesch wat d'Kapazitéite vum Kanalisatiounsreseau an der Kläranlag ugeet. De Bau vun esou Infrastrukture kann iwwregens iwwert de Waasserfong mat engem substanzielle Prozentsaz finanziell ënnerstëtzt ginn.

Den Zäitpunkt, zu deem déi verschidde Geneemegungen a Prozeduren ugefrot ginn, läit grondsätzlech an der Verantwortung vum Bauhär respektiv vun der Gemeng. D'Gemenge verfügen iwwer déi néideg Informatiounen aus hire Bebauungspläng a kënnen domat d'Entwécklung op hirem Territoire antizipéieren an déi erfuerderlech Infrastrukturen entspriechend plangen.

D'Waassergeneemegung stellt an dësem Kontext nëmmen ee Bestanddeel vun enger Rei vu Prozeduren an Autorisatiounen duer, déi bei engem Entwécklungsprojet néideg sinn. E strukturéierte Projetmanagement sollt et am Allgemengen erlaben, Situatiounen ze vermeiden, wéi se vum honorabelen Deputéierte beschriwwe ginn.

7. **Un den Inneminister wollt ech d'Fro stellen ob d'Ëmsetzung vun engem Projet fir d'Klärcapacitéiten an engem kuerzfristegen Zäitraum vu bis zu 24 Méint z'erhéijen, d'Ausschaffe vun engem Masterplang mat „remembrement urbain" bei engem PAP-NQ kann hypothekéieren oder brooch leeën?**

D'Ëmsetzung vun engem Projet fir d'Erhéijung vun de Klärcapacitéite verhënnert net, datt d'Ausschaffe vun engem Masterplang am Kader vun engem PAP NQ, fir deen e „remembrement urbain" néideg ass, virugefouert gëtt. D'Ëmsetzung vum PAP NQ setzt allerdéngs viraus, datt spéitstens zum Zäitpunkt vu senger Exekutioun all gesetzlech erfuerderlech Autorisatiounen virleien.

An deem Kontext ass et sënnvoll, d'Planungsaarbechten, wa méiglech, ouni onnéideg Ënnerbriechungen weiderzeféieren, fir d'Entwécklung vu Projeten net zousätzlech ze verzögeren, besonnesch virum Hannergrond vun den aktuellen Erausfuerderungen am Bausecteur.

**8. Un déi zwee Ministere wollt ech d'Fro stellen ob eng administrativ Vereinfachung a pragmatescht Denken a Fäll vu verschiddene Grozonen net sollt Hand an Hand goen?**

D'Regierung deelt natierlech dës Usiicht. Dat spigelt sech ënner anerem an der Initiativ „Méi a méi séier bauen" erëm, am Kader vun där rezent e Gesetzesprojet an d'legislativ Prozedur abruecht gouf, deen ënner anerem virgesäit, d'Prozedure fir d'Opstellung an d'Adoptioun vun de PAGen a PAPen ze vereinfachen an ze beschleunegen. De Gesetzesprojet gesäit ausserdeem d'Aféierung vun enger vereinfachter PAP-Prozedur fir PAPen vu méi klenger Envergure vir.

Den Département de l'Aménagement communal et du Développement urbain vum Innenministère begleet d'Gemengen am Respekt vum gesetzleche Kader konstruktiv a léisungsorientéiert. Dat gëllt och fir d'Plateforme de concertation beim Inneministère an d'Commission d'aménagement, déi dozou bäidroen, d'Prozeduren effizient a pragmatesch ze begleeden.

Déi aktuell Gesetzesännerung vum Waassergesetz - déi sech momentan an der legislativer Prozedur befënnt - gesäit am selwechten Kontext vir, eng Schwell anzeféieren, ënnert där fir e PAP-NQ prinzipiell keng Waassergeneemegung méi erfuerderlech ass.

Lëtzebuerg, de 24. September 2026
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit